



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **01 OCT. 2021**
Réf. QP-119/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°4936 « Incident avec violence lors d'une patrouille du service de gardiennage sur le territoire de la Ville de Luxembourg » du 8 septembre 2021 de l'honorable Député Fernand Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

La Ministre de la Justice



Sam TANSON



**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministesch fir Justiz,
der Madamm Taina BOFFERDING, Inneministesche, an dem Här Jean ASSELBORN, Aussen- an
Europaminister, op d'parlamentaresch Fro n° 4936 vum 7. September 2021
vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER zum Sujet "Incident avec violence lors
d'une patrouille du service de gardiennage sur le territoire de la Ville de Luxembourg"**

- 1) **Wat fir Mesuren ergräift d'Regierung, fir sécherzestellen « *qu'il y ait suffisamment de places en prison pour les délinquants et au centre de rétention pour ceux qui doivent être extradés* »?**

De Moment ginn et nach ëmmer genuch Plazen am Centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) zu Schraasseg an am Centre pénitentiaire zu Givenich (CPG), fir all Prisonéier opzehuelen. En 3. Prisong, de *Centre pénitentiaire d'Uerschterhaff* (CPU), ass de Moment am Bau, woumat d'Kapazitéit vu Plaze fir Prisonéier nach emol erhéicht wäert ginn.

D'Kapazitéit vum "Centre de rétention" war duerch d'Pandemie während e puer Méint reduzéiert, wäert awer elo nees kënnen eropgesat ginn. Et sief och nach ernimmt, datt d'Aarbechten amgaange si fir d'Schafe vun neie Strukturen, fir de "Centre de rétention" z'entlaaschten.

Et ass wichteg ze präziséieren, datt de "Centre de rétention" net als Alternativ zum Prisong geduecht ass an d'Leit do net opgrond vu kriminellen Aktivitéite placéiert ginn. De Placement an de Centre de rétention ass eng "Privation de liberté" an dowéinst just ënner bestëmmte Konditiounen méiglech. Eng dovun ass, datt d'Persoun sech illegal am Land ophält an datt doriwwer eraus eng konkret Perspektiv besteet, datt d'Persoun kann éloignéiert ginn. Niewt deene bekanntene Problemer wéi der Identifikatioun vun de Leit an der Kooperatioun mat den Heemechtlänner kënnert derbäi, datt sech an deem Beräich den Impakt vun der Pandemie weiderhi bemierkbar mécht, sou datt et schwierig ass, verschidden Eloignementen duerchzeféieren.

- 2) **Wéi verdréit sech de Wonsch vun der Madamm Justizministesche, fir « *une copie du contrat conclu avec la Ville et tous les rapports sur les incidents enregistrés* » ze kréien, mat der Gemengenautonomie, déi duerch déi geplangte Gemengereform vun der Madamm Banneminister jo nach vergéissert soll ginn? Gëtt et eng Base legale fir dëse Wonsch vun der Madamm Justizminister? Ass d'Regierung net der Meenung, datt et, wann iwwerhaapt, éischer un der Madamm Banneminister wier, fir esou ee Wonsch ze äusseren?**

Hei muss en Ënnerscheid gemaach ginn tëschent der Kontroll vun der Verwaltung vun de Gemengen, déi an der Kompetenz vun der Madamm Inneminister ass, engersäits, an der Kompetenz vun der Madamm Justizministesche, déi eng Kontrollfunktoun iwwer



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

d'Secherheetsfirmen huet anerersäits. D'Ausstelle vum Agrément fir eng Sécherheetsfirma, an deemno och d'Kontrolléiere vum Anhale vun de legale Konditioune vun dësem Agrément, läit laut Artikel 5, Alinéa 3 vum Gesetz vum 12. November 2002 beim Justizminister. D'Gesetz detailléiert net wéi de Justizminister seng Kontrollfunktioon ausübe soll. D'Justizministes huet d'Rapports'en ugefrot fir kënnen z'iwwerpréifen ob d'Gesetz hei agehale gouf. Well d'Gardiennagegesetz ënnert d'Attributioune vun der Madamm Justizministes fält, ënnerläit et deemno net der Madamm Inneminister, fir dëse Wonsch z'äusseren.